N° 8197
Entrée le 12.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8197 vum 31. Juli 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

***Wéi vill Chantiere sinn dëst Joer tëscht dem 15te Juli an dem 15te September geplangt? Ëm wéi eng handelt et sech?***

An der vum Här Deputéierte genannter Period ginn natierlech vill Stroossenaarbechte gemaach, well allgemeng manner Trafic ass a well et sech am Prinzip ëm déi bescht Zäit handelt fir gréisser Aarbechten duerchzeféieren. Heibäi handelt et sech esouwuel em Entretiensaarbechten ewéi och em d'Ëmsetzung vun neie Projeten.

Et ass awer och esou, datt de Kollektivcongé an dës Period fält, wou de Genie-civil fir ronn 3 Woche praktesch zum Stëllstand kënnt.

An der gefroter Period goufen et deemno op de Staatsstroosse **406** Chantieren a Manifestatiounen, dovunner eleng **36** Manifestatiounen inklusiv de Spärunge fir de Vëlosummer 2023.

Allgemeng falen ënnert déi reschtlech Chantieren, esouwuel Langzäitchantieren, déi schonns am gaange waren oder an där Period ufänken oder fäerdeg gi sinn, ewéi och Dageschantieren a Weekendschantieren. Déi verbleiwend 370 Chantiere kann ee follgend kategoriséieren:

- Chantieren am Kader vun enger “Permission de voirie” (**70**);
- Entretienschantieren vun de Stroossen (**154**);
- Markéierungsaarbechten (**5**);
- Stroossebeliichtungen (**13**);
- Leitplankereparaturen (**25**);
- Bréckeninspektiounen an -aarbechten (**20**);
- Tunnelchantieren (**8**);
- Eisebunnschantieren (**3**);
- Kanalisatiounsaarbechten (**18**);
- Entretien vu begréngte Flächen (**16**);
- Entretien vun elektreschen an elektromechaneschen Equipementer(**11**).

Zousätzlech kommen dann eng réi Eenzelchantieren derbäi, déi lo net direkt ze kategoriséiere waren (**27**).

Fir déi gréisser Chantiere vun der Autobunn kann ee follgend Chantieren uginn, déi awer gréisstendeels während dem Weekend respektiv nuets stattfanne respektiv stattfonnt hunn:

- Refonte des équipements CITA dans le tunnel Gousselerbierg de l’autoroute A7 ;
- Refonte de l’éclairage du viaduc de Lorentzweiler de l’autoroute A7 (LED) ;

- Travaux en relation avec la réhabilitation de l'ouvrage d'art « Bowstring Schifflange » + réfection couche de roulement entre la Jonction Esch et la Croix de Bettembourg de l'autoroute A13 ;
- Renouvellement de la couche de roulement entre l'échangeur Helfenterbruck et l'échangeur Mamer de l'autoroute A6 ;
- Renouvellement de la couche de roulement sur la Croix de Gasperich ;
- Dans le cadre de la construction de la liaison Micheville : Fermeture de l'autoroute A4 / B40 entre la Jonction Lankelz et l'échangeur Belval-Gare ;
- Entretien de certains portiques de l'autoroute A1 avec fermeture de l'échangeur Strassen ;
- Réfections sur l'OA1040 sur le CR231 entre Hesperange et Howald ;
- Fermeture complète de l'échangeur Colmar-Berg de l'autoroute A7 pour réalisation de travaux pour le compte de « CREOS ».

***Wat mécht de Ministère fir d'Léit fréizäiteg iwwert dës Chantieren opzeklären?***

D'Dauer an déi jeeweileg Deviatioune ginn am Traficinfo agedroen ewéi och op den Internetsitten "www.travaux.publics.lu" an "www.cita.lu" ugewisen.

Zousätzlech ginn och Communiquéen un d'Press an un déi concernéiert Gemenge gescheckt. Den RGTR an de CGDIS ginn natierlech och am Viraus informéiert.

Ausserdeem ginn och Panneauen op de Stroossen opgestallt, ewéi och d'Infopanneauen op eisen Autobunne benotzt, fir d'Leit ze informéieren.

***A wéi fern spillt et bei de Chantieren eng Roll, wann et sech ëm eng Haaptverkéiersachs handelt?***

Natierlech huet ee Chantier op enger Haaptverkéiersachs ee méi däitlechen Impakt op de Verkéier an de Schoultransport. Well op dësen Achsen awer och reegelméisseg den Entretien gemaach muss ginn, gëtt opgepasst fir d'Haaptachsen net gläichzäiteg ze spären an den Trafic esou gutt et geet op Deviatiounsstrécken ëmzeleeden. Chantieren op esou Stroossen (Autobunne sou wéi och eng Rei Nationalstroossen) ginn dohier sou geplangt fir den Impakt op de Verkéier sou geréng wéi méiglech ze halen, andeems zum Beispill och an Zäite geschafft gëtt, wou manner Trafic op de Stroossen ass (Schoulvakanze, Weekender, nuets, etc.).

Bei Spärunge vun enger Haaptverkéiersachs kennt et och mol zu méi laangen Deviatiounen (cf. N12, Bréckenchantier zu Bour), well et keng gëeegent Alternativen am direkten Ëmfeld ginn. Do kennt et dann och séier zu Konflikter mat Spärungen, déi bedéngt sinn duerch aner Contraintë, wéi d'Aarbechten am Tunnel Gousselerbierg. Allgemeng gëtt natierlech versicht den Impakt op den Trafic esou kleng wéi méiglech ze halen an d'Deviatiounen esou verständlech wéi méiglech auszeweisen.

Et sief och drop higewisen, datt (um Beispill vum Autobunnsreseau) gréisser Stroossechantieren, déi eng komplett Spärung fir den Trafic erfuerderen, duerch all déi genannte Contrainten zäitlech

op maximal 10 bis 15 Weekender pro Joer limitéiert sinn. Op dëse Weekender muss dann och geschafft ginn, fir de bestoende Reseau fir déi nächst Jore resilient ze halen.

***Wéi gëtt verhënnert, dass d'Deviatioun vun engem Chantier net d'Deviatioun vun engem anere verlängert?***

Op Grond vun der Unzuel, der Komplexitéit an der Wiederofhängegkeet vun all de verschidden Aarbechten a Chantieren, ewéi och deene verschiddene Geneemegungsoplagen, ass d'Stroossebauverwaltung oft zäitlech limitéiert fir déi verschidden Aarbechten duerchzeféieren. Ausserdeem kann et och virkommen, datt duerch Liwwerengpass beim Material, zousätzlech Aarbechten duerch Imprevuen an Urgencen et zu Verspéidungen am Planning kënnt.

Dëst waren ënnert anerem och d'Grënn firwat d'Aarbechten op der N12 tëscht Bour an Dondel net ewéi geplangt virum Kollektivcongé fäerdeg gi sinn, mee bis Mëtt September verlängert hu misse ginn.

Allgemeng gëtt ëmmer probéiert mat eisem aktuelle Stroossereseau déi bescht méiglechst Alternativ unzebidden, wou awer net ausgeschloss ass, datt eng Deviatiounsstréck duerch een anere Chantier verleeft.

D'Stroossebauverwaltung huet eng informatesch Applikatioun wou all d'Chantieren, déi op Staatsstroosse stattfannen, agedroe ginn. Sou soll verhënnert ginn, datt eng Deviatioun vun engem Chantier, d'Deviatioun vun engem anere verlängert.

Och all Informatiounen zu Manifestatiounen oder anere Spärungen duerch Drëtter (Gemenge, privat a kommerziell Organisateuren, etc.) déi der Stroossebauverwaltung matgedeelt ginn, ginn hei opgeholl.

Informatioune vu Chantieren op Gemengestroossen, déi een Impakt op de Staatsreseau hätten, stinn awer nëmmen an engem ganz geréngen Mooss zur Verfügung.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch